N°3001
Entrée le 28.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro N° 3001 vum 8. Oktober 2025 vum honorabelen Deputéierten Fred Keup an vum honorabelen Deputéierten Tom Weidig zum Sujet "Projets européens de centres de retour hors UE".

1. Wéi beurteelt d'Regierung déi an Däitschland an an Holland diskutéiert Modeller, bei deenen ofgeleent Asylbewerber an Drëttstaaten ënnerbruecht ginn?

   Et ass wichteg ze ënnersträichen, dass et sech am Beräich vum Retour minoritär em ofgeleenten Asyl Demandeuren handelt. Fir 2024, waren nëmme 17% vun de Persounen déi vun engem Retour forcé betraff ware virdrun an enger Asylprozedur.

   A villen Länner, dorënner e puer vun eisen Noperen, ginn esou Return hubs scho méi laang gefuerdert. Bis haut ginn just Pilot-Projeten diskutéiert, dofir ass et och net méiglech z'évaluéieren, wat d'finanziell, operationell, diplomatesch a juristesch Implicatioune vu Return hubs wäerte sinn.

2. Huet Lëtzebuerg am Kader vum EU-Migratiounspakt Gespréicher iwwer eng Participatioun un esou externe Réckféierungszentre gefouert oder entspriechend bilateral Kontakter (z. B. mat Uganda, Albanien oder nordafrikanesche Staaten) opgeholl?

   Nee, am Kontext vum EU-Migratiounspakt goufen et keng esou Gespréicher.

3. Deelt d'Regierung d'Aschätzung vum Här Minister Hahn, dass europäesch Léisungen onëmgänglech sinn, a schléisst si d'Optioun vu Réckféierungszentre baussent der EU explizit aus?

   Am Kontext vun der Migratioun ass d'Regierung ganz kloer der Iwwerzeegung, dass eng europäesch a multilateral Kooperatioun onëmgänglech ass. Och wann d'Regierung keen esou een Accord wäert bilateral ëmsetzen, suivéiert si d'Evolutioun vun de Projet'en, déi aner EU-Memberlänner am gaange sinn ze entwéckelen. Lëtzebuerg schléisst esou Zentren net aus.

   Et sief drun erënnert, dass déi proposéiert Return hubs just Drëttstaatler am illegalen Openthalt concernéieren. Eng Externalisatioun vum Traitement vun Asyldemanden – esou wéi dat am Ufank beim italieenesch-albanesche Modell de Fall war – gëtt vun dëser Regierung net ënnerstëtzt.

4. Wéi wäert d'Regierung sécher stellen, dass Mënscherechtsstandarden agehale ginn, falls d'EU sech op Réckféierungszentren an Drëttstaaten eenegt?

   D'Transferten an e Return hub musse vu strikte Garantien am Beräich vun de Mënscherechter am Allgemengen an dem Kannerschutz am Besonneschen encadréiert sinn. Des Regierung ënnerstëtzt dofir d'Propose vun der Kommissioun, dass allengreesend Mineuren a Famille mat Mineuren net an esou Zentre geschéckt solle ginn. Lëtzebuerg plädéiert och fir eng direkt Implicatioun vun den UNO-Agencen OIM an HCR an dësen Zentren. Duerch hir Erfarung um Terrain kennen si fir en efficacen an transparente Monitoring suergen. Rezent Echange tëscht

dem Inneminister a Representantë vum HCR hu confirméiert, dass d'Agence fir esou eng Zesummenaarbecht prinzipiell oppen ass.

Lëtzebuerg, den 28. Oktober 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden